Léif Memberen,

D'Union Sportive Berdorf-Consdorf 01 invitéiert Iech häerzlech op hir Generalversammlung fir d'Joer 2026. Dest fënnt statt e Freiden den 13. März 2026 um 19:30 Auer am centre culturel “A Schmadds” zu Berdorf.

Dës Versammlung erlaabt Iech eise Veräin besser kennen ze léieren. Mir wiere frou, wann Dir Iech Zäit géift huelen fir ze kommen an ze héieren wat d'ganz Saison geschitt ass, respektiv wéi mir d'Zukunft vum USBC01 gesinn.

D’Eltere vun eise jonke Spiller sinn natierlech wëllkomm fir un dëser Versammlung deelzehuelen an en Iwwerbléck iwwert d’sportlech Zukunft vun hirem Kand ze kréien.

Dagesuerdnung:

1. Wëllkomm vum President
2. Tätegkeetsbericht
3. Keessebericht
4. Rapport vun de Keesserevisoren
5. Bestëmmen vun de Keesserevisoren
6. Fräi Aussproch
7. Entlaaschtung vum Comité
8. Neiwahl vum Comité
9. Schlusswuert vum President

Bewerbunge fir eng Plaz am Comité musse bis speitstens 48 Stonne virun der Generalversammlung beim Sekretariat agereecht ginn (per Post un de Sekretär Quentin Jade – 17, Härewiss L-6315 Beaufort – oder elektronesch op d’Email secretariat@usbc01.lu )

Fir de Comité,

JADE Quentin

Secrétaire